N°7725
Entrée le 09.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7725 vum 8. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel iwwer d'Prise en charge vum Transport am Taxi am Fall vun engem Traitement

Wéi schonn a villen aneren Äntwerten op parlamentaresch Froen erkläert gouf, wéi zum Beispill n°5667, n°5215, n°5219, n°5355 a n°5667, ginn d'Ambulanzdéngschter fir net-urgent (secondaire) Transporter vu private Leit, déi dëst berufflech maachen, vu Societéiten, vun Etablissementer fir d'ëffentlech Nëtzlechkeet oder vun Associatiounen ouni lukrativen Zweck organiséiert. Den Zougang zum Beruff gëtt duerch d'Gesetz vum 2. September 2011[1] gereegelt. Dëst Gesetz fält net ënner d'Kompetenze vum Gesondheetsministère an och net ënnert déi vum Ministère fir sozial Sécherheet.

Déi betreffend Ministerë sinn sech der aktueller Situatioun bewosst an de Gesondheetsministère huet aus dësem Grond, an Zesummenaarbecht mat aner Ministèren, e Gesetzesavantprojet op den Instanzewee ginn.

Et ass och virgesinn dat d'Tariffer an dem Beräich nei verhandelt ginn, esoubal déi nei Gesetzgeebung a Kraaft trëtt. De Gesetzesprojet gesäit nämlech déi néideg Krittären a Konditioune vir, fir do Upassunge virzehuelen. D'Gesondheetskeess kann awer eréischt mat de Negociatiounen ufänke wann de gesetzleche Kader bis gereegelt ass.

D'Gesondheetskeess ka sech also just op déi aktuell statutaresch Dispositioune vun der Gesondheetskeess an op bestoend Gesetzer a Reglementer baséieren.

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen

[1] Loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales qui ne relève pas de la compétence du ministère de la Santé et du ministère de la Sécurité sociale